Beringen – Wäschbur	12h09		16h27

BUS 12 – CYCLE 1			
JEAN MAJERUS – MERSCH GARE / WANGERT			
ARRÊT	M	DÉPART	AM
Mersch – École Nic Welter Préscolaire	11h40		15h58
Mersch – École Jean Majerus Préscolaire	11h47		16h05
Mersch – Stäreplatz-Centre Marisca			
Mersch – Gare	11h57		16h15
Mersch – Rue de Beringen	11h59		16h17
Mersch – Mierscherbiërg (Station Total)	12h01		16h19
Wangert – Rue des Champs	12h03		16h21
Wangert / 32 Am Wangert**	12h04		16h22
Wangert – Rue des Franciscaines	12h05		16h23

BUS 13 – CYCLE 1			
JEAN MAJERUS – RECKANGE / SCHOENFELS			
ARRÊT	M	DÉPART	AM
Mersch – École Nic Welter Préscolaire	11h40		15h58
Mersch – École Jean Majerus Préscolaire	11h47		16h05
Mersch – Lankheck	11h49		16h07
Reckange – Rue Principale	11h55		16h13
Schoenfels – Ancienne École	11h56		16h14
Reckange – Um Bur (demi-tour via Hosbich)	11h58		16h16
Mersch – Rue Nicolas Welter	12h05		16h23
Schoenfels – Ancienne École	12h10		16h28

Um Schoulwee sécher an d'Schoul

Le chemin de l'école en toute sécurité

LÉNKS, RIETS, LÉNKS...

- › Ech ginn ëmmer op der sécherer Säit vum Trottoir, wäit ewech vun der Strooss.
- › Ech gi beim Zebrastreifen iwwert d'Strooss: bei Rout bliwen ech stoen, bei Gréng kann ech iwwert d'Strooss goen, ech passen dobäi awer ëmmer gutt op. Wa keng Rout Luuchten do sinn, kucken ech fir d'éischt no lénks dann no riets, an dann nach emol no lénks éier ech iwwert d'Strooss ginn.
- › Wa keen Zebrastreifen do ass, bliwen ech do stoen, wou ech ee gudden Iwwerbléck vu béide Säite vun der Strooss hunn a wou d'Autoë mech gutt gesinn. An dann erëm lénks, riets, lénks...

GUTT SIICHTBAR SINN

Fir dass d'Autofuerer mech gutt am Däischtere gesinn, passen ech meng Kleedung un:

- › hell Kleeder,
- › reflektéierend Bännercher op meng Kleeder an op mengem Schoulsak,
- › eng Sécherheetsveste.

GAUCHE, DROITE, GAUCHE...

- › *Je marche toujours du côté sûr du trottoir, loin des voitures.*
- › *Je traverse la rue au passage pour piétons : rouge, je dois m'arrêter, vert, je peux marcher mais je reste attentif. S'il n'y a pas de feux de circulation, je regarde à gauche, à droite et encore une fois à gauche avant de traverser la rue.*
- › *S'il n'y a pas de passage pour piétons, j'attends à la ligne de vue où je vois bien la chaussée et où les automobilistes m'aperçoivent. Ensuite gauche, droite, gauche...*

JE SUIS VISIBLE !

Pour que les automobilistes m'aperçoivent plus aisément dans le noir, je porte :

- › *des vêtements clairs,*
- › *des bandes réfléchissantes sur mes vêtements et sur mon cartable,*
- › *un gilet de sécurité.*



Quellen / Sources : Police Lëtzebuerg (Text), Sécurité routière (Illustr.)



Partner
Partenaires

De Schoulcomité

Le comité d'école

SENG AUFGABEN

- › Eng Proposition fir d'Schoulorganisatioun ausschaffen,
- › e PDS ausschaffen an u senger Bewäertung matschaffen,
- › eng Proposition fir de Gemengebudget, wat d'Schoul ubelaangt, ausschaffen,
- › eng Stellungnam huelen zu all Problemer, wat d'Schoul ugeet,
- › kucken, wat d'Schoul u Besoine fir d'Weiderbildung vun den Enseignanten huet,
- › d'didaktescht an d'informatesch Material vun der Schoul verwalten,
- › beroden, ob déi verschidden didaktesch Materialien, déi an de Klassen agesat ginn, dem Schoulgesetz entsprechen.

De Schoulcomité vu Mersch besteet aus 9 Leit. Si goufe vum gesamte Schoulpersonal gewielt an hiert Mandat huet eng Dauer vu 5 Joer.

SES MISSIONS

- › *Élaborer une proposition d'organisation de l'école,*
- › *élaborer un Plan de développement scolaire et participer à son évaluation,*
- › *élaborer une proposition sur la répartition du budget de fonctionnement alloué à l'école,*
- › *donner son avis sur toute question qui concerne le personnel de l'école ou sur laquelle la commission scolaire le consulte,*
- › *déterminer les besoins en formation continue du personnel,*
- › *organiser la gestion du matériel didactique et informatique de l'école,*
- › *approuver l'utilisation du matériel didactique conformément à la loi scolaire.*

Le comité de l'école de Mersch se compose de 9 membres. Ils sont élus par les membres du personnel de l'école et leur mandat a une durée de cinq ans.



(v.l.n.r. / d.g.à.d.)

Steichen Luc
Neu Fränz
Floener Ralph
Proes Pauline
Mannes David
Ferron Carole
Schaus Ben
Schiltz Pit
Napoli Sylvia

De President vum Schoulcomité

Le président du comité d'école

De Ralph Floener ass President vum Mierscher Schoulcomité. Sâi Büro ass am Gebai Cécile Ries, um Rez-de-chaussée. Wann Dir eng Fro hutt oder e Rendez-vous wëllt fixéieren, kënn Dir dat per E-Mail oder iwwer Telefon maachen.

Ralph Floener occupe le poste de président du comité de l'école de Mersch. Son bureau se trouve au rez-de-chaussée du bâtiment Cécile Ries. Pour tout renseignement ou pour fixer un rendez-vous, veuillez prendre contact par e-mail ou par téléphone.

Kontakt Contact

T. 32 50 23-961
T. 621 254 504
president@ecole-mersch.lu

Dem President seng Aufgaben

Les missions du président du comité d'école

- › D'Aarbechte vum Comité a vun den eenzele pädagogeschen Equippe virbereeden a begleeden,
- › kucken, datt d'Schoul am Ganze gutt fonctionéiert, dat zesumme mat der Direktioun,
- › d'Verbindung mat alle Responsabelen, déi an iergendenger Aart a Weis mam Schoulfonctionnement ze dinn hunn, oprechterhalen: Gemengenautoritéiten, Elteren an Elterevertrieder, Maison Relais, déi verschidde Servicer vun Hëllef, déi ugebued ginn,
- › d'Ersatzpersonal empfänken,
- › nei Schüler empfänken an hir Integriatioun an hir nei Klass begleeden,
- › d'Stonnepläng vun den eenzele Klasse virbereeden,
- › all d'Donnéeën vun de Klasse geréieren,
- › den Elteren eng Dispens fir hir Kanner schreiwen, wann déi méi laang ass wéi een Dag. Allerdéngs ka sou eng Dispens just an Ausnahmefäll accordéiert ginn.
- › *Préparer et coordonner les travaux du comité et des équipes pédagogiques,*
- › *veiller, ensemble avec la direction régionale, au bon fonctionnement de l'école,*
- › *assurer les relations avec les autorités communales,*
- › *assurer les relations avec les parents d'élèves,*
- › *assurer les relations avec l'organisme qui assure l'encadrement socio-éducatif des élèves et avec l'équipe médico-scolaire,*
- › *accueillir les remplaçants des enseignants,*
- › *organiser l'insertion de nouveaux élèves,*
- › *coordonner les plans horaires des différents enseignants,*
- › *rassembler les données concernant les élèves fournies par les titulaires de classe,*
- › *accorder les dispenses de fréquentation scolaire pour une durée dépassant une journée. Néanmoins ces dispenses ne sauront être accordées que sur demande motivée des parents.*

Schoulservice

Service scolaire

D'Gemeng Mersch ass responsabel fir d'Opstelle vun der Schoulorganisatioun vun der Grondschoul, kontrolléiert op d'Schoulpflicht agehale gëtt, a stellt déi néideg Raimlechkeeten a Materialien zur Verfügung, fir eng gutt Educatioun vun de Kanner ze garantéieren.

La Commune de Mersch est responsable de l'organisation scolaire des classes de l'enseignement fondamental, doit veiller au respect de l'obligation scolaire et mettre à disposition les localités qui permettent de dispenser un enseignement de qualité aux élèves.

DE SCHOULSERVICE

- › mécht de Lien tëscht dem Léierpersonal, der Gemeng, den Elteren an der Direktioun;
- › stellt all Joer de Schoulbudget op;
- › ass fir d'Gestioun vun der Schoulorganisatioun zoustänneg;
- › bekëmmert sech ëm déi nei Aschreiwunge vun de Kanner.

LE SERVICE SCOLAIRE

- › *garantit les relations entre les enseignants, la commune, les parents et la direction ;*
- › *établit le budget scolaire ;*
- › *gère l'organisation scolaire ;*
- › *s'occupe des nouvelles inscriptions d'élèves.*

Büro am Schlass

Bureau au Château de Mersch



André Hippertchen

T. 32 50 23-210
andre.hippertchen@mersch.lu



Sarah Reuter

T. 32 50 23-228
sarah.reuter@mersch.lu

Direktioun vun der Grondschoul – Region 12 Miersch

Direction de l'Enseignement fondamental – Région 12 Mersch

D'Direktioun vum Enseignement fondamental Region 12 (Miersch) besteet aus engem Direkter an zwee Sous-Direkteren.

Den Direkter huet d'Funktioen als hierarchesche Chef vum Léierpersonal souwéi vum sozio-educativen an administrative Personal. Hie representéiert de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend an der Region a suergt fir en direkte Lien tëscht dem Ministère an de lokale Schoulen.

D'Direktiounsekipp suergt fir ee gudden Fonctionnement vun de Schoulen an der Region. Si iwwerhëlt d'administrativ Gestioen, assuréiert de pedagogesche Suivi a begleet d'Personal an hirer beruflecher Praxis. Zousätzlech spillt si eng zentral Roll an der Kommunikatioun a Vernetzung mat de verschiddene Partner aus dem schoulesche Kontext.

Ee vun de Sous-Direktere këmmert sech ëm déi schoulesch Inklusioun. Hie presidéiert d'Inklusiounskommissioun a koordinéiert d'Ënnerstëtzung fir Schüler mat spezifesche Besoinen, fir hinnen eng Betreuung ze bidden, déi un hir individuell Bedierfnesser ugepasst ass.

Dës Organisatioun erméiglecht et, op déi verschidde Besoine vun de Schüler anzegoen an d'Léierpersonal z'ënnerstëtzen, während se eng efficace administrativ Gestioen an eng fléissend Kommunikatioun mat allen implizéierten Acteuren am Educatiounssecteur garantéiert.

La Direction de l'enseignement fondamental région 12 (Mersch) est composée d'une équipe dirigeante réunissant un directeur et deux directeurs adjoints.

Le directeur assure la fonction de chef hiérarchique pour le personnel enseignant, socio-éducatif et administratif. Il représente le ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse dans la région, garantissant ainsi une liaison directe entre les écoles locales et le ministère.

L'équipe de direction veille au bon fonctionnement des écoles de la région. Elle prend en charge la gestion administrative, assure le suivi pédagogique et accompagne le personnel dans sa pratique professionnelle. Elle joue également un rôle clé dans la communication et le réseautage avec les différents partenaires du domaine scolaire.

L'un des directeurs adjoints est spécialement chargé de l'inclusion scolaire. Il préside la Commission d'inclusion (CI) et coordonne le soutien apporté aux élèves à besoins spécifiques, afin de leur offrir un encadrement adapté à leurs besoins.

Cette organisation permet de répondre aux besoins diversifiés des élèves et de soutenir efficacement le personnel éducatif, tout en garantissant une gestion administrative rigoureuse et une communication fluide avec toutes les parties prenantes du secteur éducatif.



Kontakt Contact

T. 247-55810 / secretariat.mersch@men.lu / direction.mersch@men.lu
www.diref12.lu

Siège principal Mersch

5, rue des Prés / L-7561 Mersch

Annexe Bissen

22, ZAC Klengbousbiert / L-7795 Bissen

(v.l.n.r. / d.g.à d.)

Mike Hecker (Directeur adjoint)

Alain Reeff (Directeur)

Marc Jacoby (Directeur adjoint)



D'Elterevertieder

Les représentants des parents

Als Elterevertieder wëlle mir Iech eis Aufgabe virstellen:

- › Mir vertrieden d'Uleiessen vun all den Elteren, am Interessi vun all Kand a sengen Elteren.
- › Mir treffen eis reegelméisseg mam Schoulcomité fir iwwert aktuell Projeten an eventuell Problemer ze schwätzen.
- › Mir sinn mat zwee Memberen an der Schoulkommissioun an engem Member an der Verkéierskommissioun vertrueden.
- › Mir hëllef aktiv bei der Organisatioun vun extra-schouleschen Aktivitéiten wéi ënner anerem dem Wantermaart.

La représentation des parents a les missions suivantes :

- › Nous défendons les intérêts de tous les parents dans l'intérêt de tous les enfants et de leurs parents.
- › Nous nous rassemblons régulièrement avec le comité d'école pour discuter des projets actuels et d'éventuels problèmes.
- › Nous représentons les parents avec deux membres dans la commission scolaire et un membre dans la commission de circulation.
- › Nous participons activement à l'organisation d'activités extra-scolaires comme par exemple le marché d'hiver.

Walen am Hierscht 2025

Via Flyer mécht d'Schoul uganks Oktober een Opruff un déi Elteren déi sech fir d'Schoulgemeinschaft wëllen engagéieren. D'Eltere vun de Kanner aus der Mierscher Grondschoul kënnen hir Kandidatur da bis den 22. Oktober erarechen.

Élections en automne 2025

Un appel à candidatures sera lancé par flyer en début du mois d'octobre pour les parents souhaitant s'investir dans la vie scolaire de leurs enfants. Les parents des enfants de l'École fondamentale de Mersch pourront postuler jusqu'au 22 octobre.

Wann Dir Froen, Uleiessen oder Iddien hutt, kënn Dir eis gären iwwer Mail kontaktéieren.

Vous avez des questions, préoccupations ou suggestions, n'hésitez pas à nous contacter par courriel.

elterevertieder@ecole-mersch.lu



ElterevertiederMiersch

I-EBS

Aide aux élèves à besoins éducatifs spécifiques

D'Elodie Detombes an d'Julie Pixius si spezialiséiert Léierinnen (I-EBS – Institutrice spécialisée dans la scolarisation des élèves à besoins éducatifs spécifiques) an der Mierscher Grondschoul.

D'Elodie schafft am Cycle 1 an 2, an d'Julie schafft am Cycle 3 a 4. Mat enger inklusiver Approche assuréiere si den néidegen Encadrement fir déi Kanner, déi méi Ënnerstëtzung brauche, fir de schouleschen Alldag an/oder d'Léieren ze meeschteren.

Si freeë sech op eng gutt Zesummenaarbecht mat de Kanner, hiere Familljen an deene verschidde pädagogeschen Ekippen.

Elodie Detombes et Julie Pixius exercent en tant qu'I-EBS (Institutrice spécialisée dans la scolarisation des élèves à besoins éducatifs spécifiques) au sein de l'École fondamentale de Mersch.

Elodie intervient auprès des cycles 1 et 2 et Julie auprès des cycles 3 et 4. Avec une approche inclusive, elles veillent à assurer l'accompagnement nécessaire aux élèves ayant un besoin de soutien supplémentaire pour relever les défis du quotidien scolaire et/ou des apprentissages.

Elles se réjouissent à l'idée de collaborer étroitement avec les équipes pédagogiques, les élèves ainsi que leurs familles.

Kontakt Contact



Elodie Detombes



Julie Pixius

iebs@ecole-mersch.lu

Santé scolaire

Santé scolaire

Am Laf vum Schouljoer iwwerpréift d'schoulmedizinesch Ekipp vun der Ligue médico-sociale de Gesondheetszoustand vun de Schoulkanner. An der Grondschoul gi preventiv Kontrolle bei de Schüler vun de Cyclen 1.1, 1.2, 2.2, 3.2 a 4.2. ënnerholl. Falls bei engem Kand ee Bedarf besteet, ginn och an deenen anere Schouljoren Tester duerchgefouert.

MEDIZINESCHE VOLET

De Schouldokter bitt keng medizinesch Behandlung un. Am Fall wou während de Kontrollen bestëmmte Symptomer festgestallt ginn, kritt Dir eng schrëftlech Matdeelung, fir mat Ärem Kand bei de Vertrauensdokter ze goen. D'Eltere vun de Kanner aus dem Cycle 1 si gebieden, hir Kanner bei de Kontrollen ze begleeden.

Aner medizinesch Kontrollen: Déi medizinesch Iwwerwachung gëtt vun ënnerscheedleche Fachdëngschter aus dem Gesondheetsministère kompletéiert: Fréierkennung vu Karies a Feelstellung bei den Zänn am Cycle 1, Fréierkennung vu Séibe-anträchtegungen duerch de Service d'orthoptie et de pléoptie, Fréierkennung bei Problemer mam Gehéier duerch de Service d'audiophonologie, Ernährungsberodung an Asthmaschoul.

SOZIALE BERÄICH

D'Assistante sociale hëlleft de Kanner, Elteren, Enseignant a jidder anerem, dee sech mam Wuel vun de Schoulkanner beschäftegt. D'Ekipp vun der Santé scolaire ënnerläit dem Secret médical a schafft enk mat ënnerschiddlechen Instanzen zesummen.

GESONDHEITSFËRDERUNG AN -ERZÉIUNG

Déi sozial-medizinesch Ekipp vun der Ligue organiséiert Aktivitéiten an der Grondschoul an de Beräicher Gesondheetsfërderung a Gesondheetserzéiung. D'Zil dovunner ass et, d'Kanner dobäi ze begleeden, fir gesond Liewensgewunnechten unzehuelen.

Kontakt Contact

Noémie Pagnon

Sozialaarbechterin / Assistante sociale
T. 32 58 20-1 / noemie.pagnon@ligue.lu

Anja Ceccato

Kannerinfirmière / Infirmière en pédiatrie
T. 32 58 20-1 / anja.ceccato@ligue.lu



Au cours de l'année scolaire, l'état de santé de chaque enfant est surveillé par l'équipe de santé scolaire de la Ligue médico-sociale à l'école. Pour l'enseignement fondamental, les bilans, tests et mesures de dépistage suivants sont pratiqués chez les élèves des cycles 1.1, 1.2, 2.2, 3.2, 4.2 et selon les besoins de l'enfant au cours des autres cycles.

VOLET MÉDICAL

Le médecin scolaire ne propose aucun traitement médical. Si lors des examens des constatations nécessitant un avis médical complémentaire sont faites, nous vous adresserons une lettre motivée avec la recommandation de consulter votre médecin de confiance. Les parents des enfants du cycle 1 sont invités à accompagner leur enfant lors de ces examens.

Autres interventions médicales: La surveillance médicale est complétée par d'autres examens, faits par des services spécialisés du Ministère de la Santé: examen bucco-dentaire annuel au Cycle 1, dépistage des troubles visuels par le Service d'orthoptie et de pléoptie, dépistage des troubles auditifs par le Service d'audiophonologie en cas de besoin, consultation diététique et consultation pour enfant asthmatique.

VOLET SOCIAL

L'assistante (hygiène) sociale est à l'écoute des enfants, des parents, des enseignants et de toute autre personne privée ou professionnelle concernée par le bien-être d'un élève de l'enseignement fondamental. L'équipe de santé scolaire collabore étroitement avec différentes instances dans le respect du secret professionnel.

PROMOTION ET EDUCATION SANTÉ

L'équipe de santé scolaire de la Ligue médico-sociale organise des activités de promotion et d'éducation à la santé dans le but de guider votre enfant vers des habitudes de vie saine.

Centre médico-social Mersch
17, rue de la Gare / L-7535 Mersch
www.ligue.lu

Sekretariat / Secrétariat
Méindes > freides / Lundi > vendredi
8:00 > 12:00 & 14:00 > 18:00 Auer / heures



Maison Relais Nic Welter

D'Maison relais Nic Welter ka bis zu 300 Kanner vu den Zyklen 1 an 2 ophuelen. Fir sech kënnen anzeschreiw, muss d'Kand an der Mierscher Gemeng wunnen an och an der Mierscher Schoul ageschriwwe sinn.

ÉFFNUNGZÄITEN AN INFORMATIUNEN

Méindes bis Freides / 7.00 > 19.00 Auer

All d'Aschewungsformularen, Vakanzenfichen an och aner wichteg Dokumenter fann dir um Site: <https://ssl.education.lu/sea/StaarkKanner/Home/Fiche/404462>

Mir kommunizéieren all wichteg News iwwer d'Dimmi App, wou Dir vun eis am Ufank vum Schouljoer ee QR-Code kritt.

GUTT, ZE WËSSEN

Der Maison relais Nic Welter ass et wichteg, datt d'Kanner all-eguer ee gudden Start bei eis hunn. Dofir leeë mir vill Wäert drop, si perséinlech ze empfänken, mir huelen eis Zäit fir hinnen alles ze weisen an mir ginn hinnen déi Zäit, déi si brauche fir sech bei eis anzegewinnen.

Genau esou begleede mir eis Kanner aus dem Zykel 2.2. wa si eis verloossen, fir an d'Maison relais Krounebiérg ze wiesselen. Och hei gi mir hinnen de Raum an d'Zäit, fir sech un déi nei Situatioun ze gewinnen, datt si de Wiessel sou angeneh wéi méiglech erliewen.

Donieft profitéiert d'Maison relais zesummen mat de Kanner d'Offer vun den Infrastrukturen an der Mierscher Gemeng. Mir proposéieren de Kanner Visite vum Kulturhaus fir flott Theaterstécker kucken ze goen an och vum Lieshaus wou mir Geschichten virgelies kréien a Bicher kënnen ausléien.

PROJET VERÄINER

Duerch de Projet Veräiner hunn eis Kanner Méiglechkeet, sech sportlech oder musikalesch an de Mierscher Veräiner ze engagieren. Mir begleeden si op hirem Wee an Mierscher Veräinsliwen. Mee och aner Projet'en leien eis um Häerz. Zirkus, Theater, Magie, Emotiounen, Elteren Challenge, kachen a baken, Clerni Zeitung oder Kannerrechter sinn nëmmen e puer Themen deene mir eis zesummen matt eisen Kanner unhuelen.

La Maison relais accueille jusqu'à 300 enfants des cycles 1 et 2. Pour inscrire les enfants, ils doivent obligatoirement habiter dans la commune et être inscrits à l'école de Mersch.

HEURES D'OUVERTURE ET INFORMATIONS

Lundi au vendredi / 7h00 > 19h00

Vous trouvez tous nos formulaires importants concernant la maison relais via le lien suivant : <https://ssl.education.lu/sea/StaarkKanner/Home/Fiche/404462>

Via l'application Dimmi, nous vous communiquons toutes informations importantes. Dès le début de l'année vous recevrez un code QR de la part du bureau de la Maison relais.

BON À SAVOIR

Nous mettons un accent sur la phase de transition des enfants. Une collaboration étroite se fait entre les structures d'Inter-Actions ce qui permet une adaptation progressive et adéquate pour chaque enfant. Nous visitons les futures structures pour permettre aux enfants de connaître le nouveau lieu ainsi que les nouveaux éducateurs.

Entre autres la Maison relais Nic Welter profite de l'offre de la commune de Mersch. Régulièrement nous proposons des visites à la Maison de la culture pour que les enfants aient la chance de regarder l'une ou l'autre pièce de théâtre.

Une autre possibilité qui est donnée aux enfants, sont les visites au « Mierscher Lieshaus ». Durant ces visites les enfants peuvent écouter des histoires et y emprunter des livres.

PROJET CLUBS

Le projet Veräiner offre à nos enfants la possibilité de s'intégrer dans les associations de Mersch sur le plan sportif et musical. Nous les accompagnons sur ce chemin. Nous proposons une multitude de projets, comme le cirque, le théâtre, la magie, les émotions, le challenge parental, la cuisine et la pâtisserie, le journal Clerni ou les droits de l'enfant. Ce ne sont que quelques-uns des nombreux thèmes que nous abordons pendant une année en collaboration avec nos enfants.



Kontakt Contact



Laura Victoire

> Responsabel / Responsable

Nathalie Diedenhofen

> Adjointe / Adjointe

14, place de l'Église
L-7533 Mersch
T. 32 50 23-420
F. 32 50 23-430
nicwelter@inter-actions.lu
www.inter-actions.lu/
Quartiers/Mersch/



Maison Relais Krounebiérg

D'Maison relais Krounebiérg ka bis zu 310 Kanner vu den Zyklen 3 an 4 ophuelen. Fir sech kënnen anzeschreiwen muss d'Kand an der Mierscher Gemeng wunnen an och do an d'Grondschool goen.

ËFFNUNGZÄITEN

Méindes bis freides / 7.00 > 19.00 Auer

INFORMATIUNEN

All d'Aschreiwungsdokumenter fannt Dir um Site www.inter-actions.lu/Quartiers/Mersch/ an an der Entrée vun der Maison relais Krounebiérg. Fir all déi aktuell News liked eis Facebooksät oder went lech un de Büro fir de QR Code vum **Dimmi** ze kréien.

WHAT'S NEW?

Iwwert Emotiounen ze schwätzen, se erkennen an sech ze autoréguléieren ass net ëmmer einfach fir d'Kanner. Fir den emotionale Bedürfnisser vun de Kanner kennen nach mei nozekommen, hu mir den Emotiounssall an d'Liewe geruff. Dëse Raum erméiglecht et de Kanner, sech no Konflikter ze berouegen. Den Emotiounssall ass mat enger Réi u pedagogesch Material ausgestattet daat de Kanner hëlefe soll, Konflikter ze léisen oder iwwert hier Emotiounen ze schwätzen. Ausserdeem, proposéieren d'Educatoure Spiller zum Thema Emotiounen fir d'best besser ze verstoen an auszudrécken. Schlussendlech, ginn och verschidde Projete wéi zum Beispill Mobbing, Rassismus a Konfliktreegelung matt de Kanner ausgeschafft.

PROJET „SPORTSVERÄINER“

D'Maison relais Krounebiérg leet vill Wäert drop, datt d'Kanner hiren ausserschouleschen Aktivitéite kënnen noegen. Zesummenaarbecht mat den Elteren an de Veräiner zu Miersch ass dofir primordial. D'Elteren si gebieden d'Demande fir d'Umeldung bis den 8. September eranzerechen, fir datt den Trajet beschtméiglechst organiséiert ka ginn. Genau Informatiounen ginn mat den Elteren iwwer Dimmi kommunizeert.

INFORMATIUNSWOCH FIR D'ELTEREN

D'Elteren haten am Juli d'Méiglechkeet, fir zesumme mat de Kanner eis Maison relais unhand vun Aktivitéiten an de Verschiddenen Themesäll kennenzeléieren. Enner anerem goufen an eisem Emotiounsraum Spiller zum Thema Emotiounen ugebueden. En anert Highlight war eise kulinarischen Atelier vu grouss a kleng lecker Kokospralinen preparéieren, a schmaache konnten. Bei weidere Froe biede mir d'Elteren eis per Mail u krounebiérg@i-a.lu oder per Telefon um 32 50 23-450 ze kontaktéieren

La Maison relais accueille jusqu'à 310 enfants des cycles 3 et 4. Pour inscrire les enfants, ils doivent obligatoirement habiter dans la commune et être inscrits à l'école de Mersch.

HEURES D'OUVERTURE

Lundi au vendredi / 7h00 > 19h00

INFORMATIONS

*Les différentes fiches d'inscription sont disponibles sur le site www.inter-actions.lu/Quartiers/Mersch/ et à l'entrée de la Maison relais Krounebiérg. Aimez notre page Facebook ou contactez le bureau afin de recevoir le QR Code **Dimmi** pour être au courant des dernières nouvelles.*

WHAT'S NEW?

Reconnaître ses propres émotions et les émotions des autres, ainsi que réussir à s'autoréguler n'est pas toujours facile pour les enfants. En conséquence nous avons décidé de créer la salle des émotions. Il s'agit d'un lieu de retour au calme et sécurisant pour l'enfant. La salle des émotions est munie d'une variété d'outils pédagogiques qui aide l'enfant dans la démarche de résolution de conflit et à parler de ses émotions. De plus, les enfants ont la possibilité de participer à des jeux destinés à l'explication et à la compréhension des émotions. Enfin, les enfants sont également invités à participer à de nombreux projets sur des thèmes tels que le harcèlement, le racisme et la résolution de conflits.

PROJET « COLLABORATION AVEC LES ASSOCIATIONS »


La maison relais Krounebiérg attache beaucoup d'importance à la participation régulière des enfants aux activités parascolaires. Une étroite collaboration avec les parents, les clubs sportifs et l'école de musique à Mersch est indispensable. Les parents sont priés d'introduire leur demande d'inscription jusqu'au 8 septembre, afin que le trajet puisse être préparé au mieux. Plus d'informations vont être partagées via Dimmi.

SEMAINE INFORMATIVE POUR LES PARENTS

En juillet notre Maison relais a invité les familles qui ont inscrit leur enfant à une soirée informative. L'objectif était de donner la possibilité aux invités de se familiariser avec notre structure. Les familles ont eu la possibilité de participer à différentes activités dans les salles thématiques de notre structure. Une activité que les familles ont beaucoup aimé était l'atelier cuisine dans lequel les invités ont préparé leurs propres pralines de coco. En cas de questions nous demandons les parents de nous contacter via mail : krounebiérg@i-a.lu ou tél : 32 50 23-450.



Kontakt Contact



Sara Fox

› Responsabel / Responsable

Umihana Junuzovic

› Adjointe / Adjointe

11, rue de la Piscine
L-7572 Mersch
T. 32 50 23-450
F. 32 50 23-460
krounebiérg@inter-actions.lu
[www.inter-actions.lu/
Quartiers/Mersch/](http://www.inter-actions.lu/Quartiers/Mersch/)

LASEP

Loscht op Sport?

Da kommt an d'LASEP!

SPORTLECH AKTIVITÉITEN

Wou?

Sportshal Krounebiérg

Wéini?

Vum 23. September 2025 un.
Et si keng Aktivitéite während de Schoulvakanzan!

Precoce an Zyklus 1

Dënschdes vu 14:15 > 15:30 Auer

Zyklus 2 Dënschdes vu 14:00 > 15:00 Auer

Zyklus 3 an Zyklus 4

Mëttwochs vun 13:00 > 14:00 Auer

Aschreiwung

Denkt wgl. dorunner, Ärem Dirigent beim éischte Cours Är Aschreiwungsfichen ofzeginn.

D'Cotisation ass gratis!

Material

Sportschung, T-Shirt, Short, Waasserfläsch an Uebst

AFÉIERUNG AN DEN DËSCHTENNIS

Vum 25. September 2025 un

All Donneschdeg vu 15:30 > 16:30 Auer

Luc Mousel (T. 691 271 274)

SCHWAMMEN

Vum 2. Oktober 2025 un

All Donneschdeg vun 13:45 > 15:10 Auer

MËTTEGIessen

D'Kanner aus dem Zyklus 3 a 4, déi net an der Maison Relais sinn an awer mëttwochs an d'LASEP komme wëllen, kënnen sech just fir d'Mëttegiessen an der Maison relais deen Dag aschreiwien. Fir Informatiounen dozou, kontaktéiert wgl. d'Maison relais Krounebiérg.

Envie de sport?

Alors rejoignez la LASEP!

ACTIVITÉS SPORTIVES

Où?

Hall sportif Krounebiérg

Quand?

À partir du 23 septembre 2025.

Pas d'activités pendant les vacances scolaires !

Précoce et Cycle 1

Les mardis de 14h15 > 15h30

Cycle 2 Les mardis de 14h00 > 15h00

Cycle 3 et Cycle 4

Les mercredis de 13h00 > 14h00

Inscription

Lors de la première leçon, n'oubliez pas de remettre à votre dirigeant vos fiches d'inscription.

La cotisation est gratuite!

Matériel

Chaussures de sport, t-shirt, short, bidon d'eau et fruit

INITIATION AU TENNIS DE TABLE

À partir du 25 septembre 2025

Les jeudis de 15h30 > 16h30

Luc Mousel (T. 691 271 274)

NATATION

À partir du 2 octobre 2025

Les jeudis de 13h45 > 15h10

REPAS

Les enfants du cycle 3 et 4 qui ne fréquentent pas la Maison relais mais qui veulent participer au cours LASEP le mercredi peuvent s'inscrire à la maison relais uniquement pour le repas de midi. Pour tout renseignement prendre contact avec la Maison relais Krounebiérg.



Kontakter

Contacts

lasep@ecole-mersch.lu

T. 32 50 23-450

T. 32 50 23-456

Francine Muller-Malherbe

T. 621 282 003

Monique Fehlen

Ben Schaus

Mathis Weyrich

Fit Kanner Miersch

Fit Kanner Miersch ass e Projet vun der Mierscher Gemeng an zesummenaarbecht mam Sportsministère fir Kanner vun 3 bis 12 Joer. D'Zil ass et d'Kanner fir de Sport ze begeeschteren, hir Motorik ze verbesseren a laangfristeg ze motivéieren, weiderhi Sport an engem Veräin ze maachen.

Fit Kanner Miersch bitt iwwer 25 Coursen an der Woch un. D'Coursë sin a verschidde Kategorien agedeelt an dem jeeweilegen Alter ugepasst. Fir Kanner tëschent 3 a 6 Joer proposéiere mir Parcoursen, Spiller mat an ouni Ball, Airtramp oder Danzen. Ab 7 Joer léieren d'Kanner Einzel- an Ekippesportaarten op eng spilleresch Aart a Weis kennen.

An de Schoulvakanze bidde mir verschidde Vakanzaktivitéiten un wéi zum Beispill Schlittschong, Schi fueren, Mountainbike oder Klammen.

An zesummenaarbecht mat de Mierscher Sportsveräiner (FC Marisca, Handball Club 75, Black Star Mersch, Dëschtennis Recken, Judo@Miersch an dem Tennis Club Mersch) offrëiere mir reegelméisseg Schnupperdeeg oder Sportsfester, bei deenen d'Kanner d'Méiglechkeet hunn, de Veräin an hir Sportart kennen ze léieren.

Fit Kanner Miersch est un projet de la Commune de Mersch en coopération avec le ministère des Sports et s'adresse à tous les enfants de 3 à 12 ans. Le but est d'améliorer les capacités motrices des enfants, de les passionner pour l'activité sportive et à plus long terme, de les motiver à pratiquer un sport dans le cadre d'un club.

Fit Kanner Miersch offre plus de 25 cours sportifs par semaine. Tous les cours sont adaptés à l'âge des enfants. Pour les enfants de 3 à 6 ans, on propose des parcours de coordination, des jeux avec ou sans balle, l'Airtramp ou la danse. À partir de 7 ans, les enfants découvrent des sports d'équipe et individuels de manière ludique.

Pendant les vacances scolaires, Fit Kanner Miersch propose des activités comme le patinage, le ski, le VTT ou l'escalade.

Afin de renforcer la relation entre les clubs et les jeunes, le projet organise des activités d'initiation, ainsi que des fêtes sportives en collaboration avec les clubs sportifs de Mersch (FC Marisca, Handball Club 75, Black Star Mersch, Dëschtennis Recken, Judo@Miersch et le Tennis Club Mersch).



Kontakt

Contact

Steve Fischbach

fitkanner@mersch.lu

T. 691 854 372

www.fitkannermiersch.lu

Service Krank Kanner Doheem

Garde d'enfants malades à domicile

De Service bitt eng individuell Betreuung vu kranke Kanner doheem un.

- > Dës Déngschtleeschtung erméiglecht et den Elteren, hirer beruflecher Aktivitéit nozagoen.
- > Hir Kanner kënnen an hirer gewinnter Ëmgéigend bleiwen, fir gesond ze ginn.

Ufroe vun Elteren, déi elengerzéiend sinn, gi prioritär behandelt.

GARDEN

- > Betreuungen tëschent 7.00 > 19.00 Auer
- > Max. Betreuungszeit: 9 Stonnen / Dag
- > Vum 2. Betreungsdag un kann een Zertifikat vum Dokter gefrot ginn

La garde individuelle à domicile pour enfants malades permet :

- > *aux parents de poursuivre leur activité professionnelle ;*
- > *aux enfants de se rétablir dans les meilleures conditions et dans leur milieu familial.*

Les demandes de familles monoparentales sont considérées en priorité.

GARDES

- > *Les gardes ont lieu : entre 7h00 > 19h00*
- > *La durée d'une garde ne peut dépasser 9 heures / jour*
- > *Une visite médicale est indiquée au 2^e jour de la garde*

TARIFFER / TARIFS

www.skkd.lu

95, rue de Bonnevoie
L-1260 Luxembourg
T. 48 07 79
skkd@fed.lu



Kee Knascht am Schoulhaff

Pas de déchets dans la cour de récréation

Fir gutt ze wuessen, fit ze bleiwen a sech am Unterrecht gutt kënnen ze konzentréieren, brauch däi Kierper eng gesond an equilibréiert Ernährung. Denk also all Dag dorun, gesond lessen mat an d'Schoul ze bréngen – zum Beispill e Stéck Uebst, Vollkornbrout, e bësse geschniddent Geméis oder e Naturjogurt.

Bréng däin lessen an enger Schmierekëscht mat an d'Schoul. Dat ass besser fir d'Ëmwelt. Kuck, datt deng Saachen net a Plastik oder Alufolie agepak sinn.

Hues du awer mol eng Verpackung dobäi? Da gehei se an déi richteg Poubelle, bevir s du an d'Paus gees.

Loosst eis zesummen op eis Gesondheet an op eis Ëmwelt oppassen.

Pour bien grandir, être en forme et se concentrer en classe, ton corps a besoin d'une alimentation saine et équilibrée. Chaque jour, pense à apporter une collation qui te fait du bien : un fruit, un morceau de pain complet, quelques légumes coupés ou un yaourt nature, par exemple.

Apporte ta collation pour la récréation à l'école dans une boîte à tartines. C'est mieux pour notre environnement! Veille à ce que rien ne soit emballé en plastique ou en papier aluminium. Tu as quand même un emballage avec toi? Alors jette-le dans la bonne poubelle avant d'aller en récréation.

Ensemble, prenons soin de notre santé et de notre environnement.



Art à l'école Mersch



Hues du Loscht, kreativ ze schaffen a Konschttechniken kennen ze léieren? Wëlls du molen, zeechnen, am Leem schaffen, bauen an experimentéieren?

Da komm an eise Kanneratelier!

Aimes-tu dessiner, peindre, faire des collages ou des empreintes, modeler en terre glaise, construire et bricoler ?

Alors n'hésite pas à rejoindre notre atelier artistique pour enfants !



Informationen Informations

Wéini? / Quand ?

Dënschdes / <i>Mardis</i>	Donneschdes / <i>Jeudis</i>
14:00 > 15:50	14.00 > 15.50
Cycle 3.2 & Cycle 4	Cycle 2 & Cycle 3.1

D'Coursen fänken ab dem 16. September un.
Keng Aktivitéiten während de Schoulvakanz.

*Les cours auront lieu à partir du 16 septembre.
Pas d'activités pendant les vacances scolaires.*

Wou? / Où ?

École Cécile Ries – Krounebiereg – Sous-sol – partie bleue

Kontakt a Froen / Contact et questions

art@ecole-mersch.lu

Informatioun / Informations

D'Coursen fir d'Schouljoer 2025/26 si voll.

Les cours pour l'année scolaire 2025/26 sont complets.

Chargées de cours & Dirigeantes d'atelier

Linda Lugen > Cycle 2 & Cycle 3.1
Cathy Etgen > Cycle 3.2 & Cycle 4

Kontakter Contacts

Cathy Etgen
cathy.etgen@education.lu

Linda Lugen
linda.lugen@education.lu

Bildschirmer an der Famill

Les écrans en famille

TËSCHT 9 AN 12 JOER / ENTRE 9 ET 12 ANS

D'Kand soll d'Welt an tëschemenschlech Bezéiungen entdecken / *L'enfant a besoin de découvrir le monde et les relations humaines*



Videospiller mat méi Spiller bevirdelegen

Privilégier les jeux vidéo à plusieurs



Alter vun der Autonomie

Âge de l'autonomie



D'Notzung vun den Ecranen am A behalen

Garder un oeil sur l'utilisation des écrans



Éischten eegene Smartphone

Premier smartphone personnel

❶ Keng sozial Réseauen virun 13 Joer / *Pas de réseaux sociaux avant 13 ans*

TËSCHT 6 AN 9 JOER / ENTRE 6 ET 9 ANS

D'Kand soll d'Reegele vum soziale Mateneen entdecken / *L'enfant a besoin de découvrir les règles du jeu social*



Télé a Fernseh-programmer ouni Gewalt

Télévision sans images de violence



Begleeten, éischt Schrëtt am Internet

1^{ers} pas accompagnés sur internet



Videospiller a Moossen

Jeux vidéo à usage modéré



Keng Norichten-emissiounen fir Erwuessener

Premier smartphone personnel



Selwer Contenue kucken mat engem Erwuessener an der Géigend

Visionner en autonomie avec un adulte à proximité

❶ Net aleng am Internet viru 9 Joer / *Pas d'internet seul avant 9 ans*

TËSCHT 3 AN 6 JOER / ENTRE 3 ET 6 ANS

D'Kand soll seng sensoresch an handwierklech Fäegkeeten entdecken / *L'enfant a besoin de découvrir ses capacités sensorielles et manuelles*



Interaktiv Bildschirmer bevirdelegen, a Begleedung vun engem Erwuessenen

Privilégier les écrans interactifs, accompagnement par un adulte



Videospiller a Moossen, éischter zesummen an der Famill spillen

Jeux vidéo à petite dose, privilégier de jouer en famille



Kee Bildschirm an der Kummer

Pas d'écran dans la chambre



Télé kucken ass ofgeroden

Télévision déconseillée

❶ Keng eege Spillkonsol viru 6 Joer / *Pas de console de jeux individuelle avant 6 ans*



Info-Këscht Informations utiles

Virun 3 bis 12 Joer a méi al, respektéiert d'Altersbegrenzungen bei Videospiller a Filmer. Setzt kloer Bildschiermzäit-Regelen op / *De 3 à 12 ans et plus, respectez les âges indiqués pour les jeux vidéo et les films. Établissez des règles claires sur le temps d'écran.*

Bleif net eleng, chat mat eis!

Ne reste pas seul, écris-nous !

Chatberodung

Ronderëm dech ass grad ze vill lass fir ongestéiert ze telefonéieren?

Dat wat dech beschäftegt, wëlls du am Beschten direkt lass-ginn an dat soll och schnell „gehéiert“ a „besprach“ ginn?

DA BASS DU BEI DER CHATBERODUNG GENAU RICHTEG!

- > Jonk Beroder am Alter bis 25 Joer beroden op der Basis vun hiren Erfarungen.
- > Si sinn ab elo, ëmmer Dënschdes vun 18:00 > 21:00 am Live-Chat fir dech do an ënnerstëtzen dech an de verschiddensten Themen.
- > Anonym a vertraulech.

Y a-t-il actuellement trop de tumulte autour de toi pour parler au téléphone sans être dérangé(e) ?

Tu préfères au plus vite partager ce qui te tracasses, être entendu(e) et en discuter le plus rapidement possible ?


ALORS, LE SERVICE DE CONSULTATION « CHATBERODUNG » EST L'ENDROIT IDÉAL POUR TOI !

- > Une équipe de jeunes conseillers âgés entre 16 et 25 ans te conseillent sur base de leurs expériences.
- > Ils t'attendent tous les mardis de 18:00 > 21:00 au chat en direct et te soutiennent dans une multitude de sujets.
- > C'est anonyme et confidentiel.



Eng kleng faarweg Auszäit

Une petite pause colorée



© Jill Manternach

D'Superjhem-Statu an der Rue Grande-Duchesse Charlotte
La statue de Superjhem dans la rue Grande-Duchesse Charlotte

BIBLIOTHÈQUE PUBLIQUE

www.mierscher-lieshaus.lu

GRATIS op der Plaz am Lieshaus: gratis Memberskaart, Bicher kucken a liesen, Geschichte lauschten, Bicher, Zäitschrëften, Audiobicher léinen, Froe stellen & Äntwerte fannen, Hausaufgaben zesumme maachen, Computer / WiFi benotzen.

MAT PARTICIPATIUNSKÄSCHTEN Fotokopien a Workshops [z. B. Kreatives Schreiben/Makerspace...].

GRATUIT carte de lecteur, lire, écouter des histoires sur place, emprunter des livres, magazines, livres audio, des Tonie-figurines, poser des questions & trouver des réponses, faire ses devoirs en groupe, utiliser des ordinateurs / WiFi.

MOYENNANT DES FRAIS Photocopies et ateliers (p. ex. : écriture créative, Makerspace...).

55, Rue Grande-Duchesse Charlotte | L-7520 Mersch

Miersch Liesen am Zentrum

Handyverbuet am Schoulbus

Interdiction de l'usage des appareils mobiles dans les bus scolaires

Vun der Schoulrentrée 2025-26 un, ass de Gebrauch vu mobilen Endgeräter (Handyen, Smartphones, Tablets etc.) am Schoulbus verbueden.

À partir de la rentrée scolaire 2025-26, l'usage de tout appareil mobile (téléphone portable, smartphone, tablette etc.) sera interdit lors du transport scolaire.





Gemeng **Miersch**

info@mersch.lu

mersch.lu |    

MIERSCH TV

MERSCH App

